



## COMMUNE DE GOESDORF



### Offiziell Matdeelung

#### Schafe vun engem neie Service fir vulnerabel Persounen

Wéinst der Pandémie vum Coronavirus COVID 19, huet de Schäfferot décidéiert fir een neie Service anzeféieren dee geduecht ass fir dene Leit di noutwendeg Liewesmëttel oder och Medikamenter Heem ze liwweren.

Desen neie Service gëllt fir all Leit mat Problemer wéi z.B. Leit iwwer 65 Joer, Leit di eleng sinn, elengzéhend Persounen oder och fir Leit déi folgend Krankheeten hunn:

- Diabetiker
- Cardio-vasculär Krankheeten
- Chronisch Krankheeten vun den Otemweeër
- Kriibskrankheeten
- Immunschwächt duerch bestëmmte Krankheeten oder Thérapie'en.

#### Wat muss ee maachen fir kënne vum neie Service ze profitéieren

Maacht Är Commande per Telephon oder per Email. D'Telefonsnummer an d'Email-Adress fand Dir ënnen am Message vum Schäfferot. D'Akafegoen gëtt vun der Gemeng a vu Benevolen organiséiert.

Dir bezuelt Är Liewesmëttel op Basis vun enger Rechnung déi d'Gemeng lech per Post Heem schéckt.

#### Bei der Liwwerung vun de Liewesmëttel bräuch kee bor ze bezuelen !

Am Fall wou Dir Medikamenter bräicht déi den Dokter lech verschriwwen huet, sidd der gebieden eis dat bei der Commande direkt matzedeelen. Ee Mataarbichter vun der Gemeng kënnt d'Rezept vum Dokter bei lech Heem sichen.

*All des Informatiounen ginn natiirlech streng vertraulich behandelt !*

De Schäfferot erënnert an dësem Kontext drunn, datt eis Gemeng och de Service « Repas sur roues » offrëiert, dëst an enker Zesummenaarbicht mat der Croix Rouge Lëtzebuerg. Fir vun dem Service kënnen ze profitéieren geet et duer wann Dir eis iwver Telephon kontaktéiert oder och per Email.

### **Aktioune vu Solidaritéit**

De Schefferot ass och beméit all solidarisch Aktiounen ze förderen déi eise Matbierger a Matbiergerinnen zegutt kommen. Déi Persounen, Gruppen a Veräiner déi sou Aktiounen plangen fir déi vulnerabel Leit z'ënnerstëtzen, sollen d'Gemeng kontaktéieren. Do gëtt et dann och koordinéiert.

### **Gemengeverwaltung**

Als Ergänzung zu eisem éischte Communiqué vum 13. Mäerz 2020, wëlle mer drop hiweisen, datt eis Gemengeverwaltung, aus de bekannten Ursaachen, mat manner Personal muss fonkctionéieren an dat su laang bis et zu enger neier Décisioun kënnt. Di verlängert Öffnungszäiten déi fir all Densdes üblig woren, si suspendéiert.

Mir géifen Iech bidden d'Gemeng bis op weideres just per Telefoon (83 92 70) oder per Email ze kontaktéieren. Weider Informatiounen fand Dir och op eiser Internetssäit oder iwver Facebook.

D'Bezuele vu Rechnungen op der Gemeng selwer ass net mi méiglech. Dat soll lo per Bankiwverweisung gemaach ginn.

Do wou et méiglech ass, kënnt Dir Bescheinigungen oder soss Dokumenter iwver den Telephon (83 92 70) oder per Email bestellen. Dir kritt dann des Dokumenter per Post oder per Email geschéckt.

**De Schäfferot**



## COMMUNE DE GOESDORF

### MESSAGE VUM SCHÄFFEROT

**Léiw Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng Géisdref.**

Déi läst Woch hott eis gewisen wéi séier eist Lewen, eisen gewiinten Alldag, aus de Fouen gerode kann. Fir de Moment sti mer allegoaren virun enger grousser Erausfoerderung. D'Auswirkunge vum Coronavirus bestëmmen de Moment och eisen Alldag an der Gemeng Géisdref.

De Schäfferot hott dowéinst verschidde Measure geholl fir datt eis Gemeng operationell bleiwe kann. Wéi schon iwver Facebook, Gemengeninternetseit oder mat Flyeren matgedeelt gouf, hu mir mussen d'Gemeng zou maache fir eist Personal sou weit et méiglich as géint eng Infektioun ze schützen. Een Ausfall vun der Gemengenverwaltung iwwert eng länger Zeit hätt Folgen déi neck auszedenke sënn.

Iwwer Telefon as d'Verwaltung ewer ze ereechen an mir sen wegder fir eech do an ze hëllefen wa Probleemer bestinn.

D'Zoumaache vu sämtliche Versammlungs- a Sportinfrastrukturen war eng noutwendig Décisioun am Kampf géint d'Coronaépidemie.

De Schäfferot seet vun deser Plaaz aus de Vereiner Merci fir dat kompromëstlos Emsetze vun dëser Décisioun.

Sämtlich Mesuren déi vun eiser Regierung op Landesniveau a vum Schäfferot op Gemengenniveau geholl goufen, gin ewer neck doar wann d'Bevölkerung neck eng Hand mat upäeckt fir zesummen dës Kris z'iwwerstoen. D'Eegeverantwortung vu jiddferengem as gefrot fir eis selwer, eise Bekanntekrees, an eis eeler a vulnerabel Matbierger ze schützen.

Dat schéint Weeder wärt eis derzou verleeden eppes zu méi Legt mateneen z'ënnerhoelen, siew dat spadséiere goen oder sech op Spillplazen treffen. Vun deser Plaz aus wëlle mir de Legt ewer rappelléieren, datt se sech unbedingt sollen un déi sanitär Consignen haalen wéi se vun eiser Regierung matgedeelt goufen.

Wéi dir an dësem Communiqué vun der Gemeng lese kënnt as d'Gemeng umgang eng Solidaritéitsaktioun ze lancéieren fir denen eeler Legt, de Legt mat gesondheetliche Problemer oder déi alengstehend sënn eng Hand mat unzepaken.

Et hu sech schon iwver Facebook Privatlegt ugeböden fir ze hëllefen. Déi Legt déi sech un dëser Aktioun bedeeilige wëllen, sollen d'Gemeng per Telefon kontaktéieren (83 92 70) oder per Mail ([commune@goesdorf.lu](mailto:commune@goesdorf.lu)).

Fir déi Legt déi dës Service notze wëllen gëllt di selwicht Telefonsnummer oder Email-Adress (83 92 70 – [commune@goesdorf.lu](mailto:commune@goesdorf.lu) ).

Zesommen wärte mir des Solidaritéitsaktioun bestméiglich koordinéieren.  
Aussergewöhnlich Ëmstänn erfoderen aussergewöhnlich Mossnahmen. Respekt,  
Solidaritéit an Asaz vu jiddferengem as gefördert fir dës Kris ze meistern.

Mir soen Eech lo well Merci fir Är wertvoll Mathëllef.

De Schäfferot,

Coordonnées :

Gemengeverwaltung Géisdref

1, op der Driicht

L-9653 Goesdorf

Tél. : 83 92 70 / [commune@goesdorf.lu](mailto:commune@goesdorf.lu) / [www.goesdorf.lu](http://www.goesdorf.lu)